

# Mir sin do fir iech all!

Joërzéngtelaang krute mir, bal vun dëser Partei, dann erem vun där aner Versprieche gemat, déi sie nie gehalen hun. Mir kënnen ké Vertrauen méi an dës Parteien an hir Politiker hun. Dofir huele mir elo aktiv un der Gestaltong vun onser Landespolitik deel.

# Mir setzen äis an:

— fir eng echt lëtzebuergesch Wirtschaftspolitik am Intressi vun **alle** Bierger
— fir d'Schafen vun Aarbechtsplaatzen fir ons Jugend durch fräiwëlleg Pensioun vu kranken Naziaffer
— fir d'Erhalen an d'Neischafong vun Aarbechtsplaatzen
— fir d'fréizäiteg Pensioun vun Nuetsschichtaarbechter an ugeméisse Renten fir d'Baueren a Wënzer
— fir d'Urechnung vun de lëtzebuerger obligatorische Militärzeit bei der Pensioun
— fir d'Erhalong an d'Förderong vun de Familjebetrieber, der Landwirtschaft an dem Wäinbau
— fir anstännech Stroossen niewend den Autobunnen
— fir d'Erhalong vun onse Böscher a Landschaften ; fir propper Waasser a Quellen ; Denkmal- an Emweltschutz

# Mir sin dergéint:

— datt dëm Nofolger vun Nazideitschland Milliarde Frang geschenkt gin an d'Lëtzeburger Steierzueler dofir bludde mussen
— datt mat Arroganz an Opportunismus ons Steiergelder verschleidert gin (Bauen vun Atomreaktoren déi mir nët brauchen – «Kueben» an déi d'Europa-Parlament nët anzitt – Autobunnen a falsch Richtongen – deier Auslandsreesen déi dem Land näischt abréngen –
— verschwenderësch Wahlpropaganda op Staatskäschten – asw.
— datt d'Regierong- a Parteidiktatur am Intressi vu Parteibonzen a Postejeër existéiert
— datt mat der Jugend de Geck gemat gëtt wéi mat ons elo zënter 30 Joer
— datt geféierlech Atomreakteren zu Lëtzeburg an an der Noperschaft gebaut gin.

## wann och dir vu Parteien enttäuscht gouwt, wann dir mat ons d'accord sid,

## dann den 10. Juni all är Stëmmen op Lëscht 9

Léiw Elteren, Fraen a Kanner vun onsen ongléckleche Komeroden,
léiw Frënn aus der Reistenz an all gudd Lëtzeburger déi ons a schwéirer Zeit mam Asâtz vu Verméigen an Liewen gehollef hut,
léiw Lëtzeburger alleguer,
Komerodinnen a Komeroden,



# Nach eng kéier SOLIDARITÉIT wéi am Krich!

**Nët schwaarz, nët roud, net blo**
**dës Kéier roud – weiss – blo**

**dofir as d'Lëscht** 9 **do.**

net Schwaaz
net Roud
net Blo

elo kënnt nëmme

Lëscht 9 a Fro

# ENRÔLÉS DE FORCE

Imprimerie Bourg-Bourger

**Fédération des Victimes**
**du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRESENTANT : L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DEPORTES MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS
LA LIGUE LUXEMBOURGEOISE DES MUTILES ET INVALIDES DE GUERRE 1940-45 - L'AMICALE
DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENROLES DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

Organe officiel :
**«Les Sacrifiés»**
Bulletin mensuel

Boîte postale No 2415
**LUXEMBOURG-GARE**

Compte Chèque Postal No 31329

Luxembourg, Juin 1979
9, rue du Fort Elisabeth

Léiw Kommerodin,
Léiwe Kommerod,

Den 10. Juni décidéierst **du** op **dei** Problém geléist gett oder nie méi !

Bei dese Wahlen faalen endgülteg d'Wierfelen obs du
als Preis gestempelt bleiwst a
keng Entschiedegong fir dei Lounausfall krist.

Keng vun de groussen Parteien huet sech engagéiert **dei** Problém ze léisen. Och déi Partei net, dé'ers du an der Vergangenhét dein Vertraue geschenkt huest. Also kann och keng Partei dir reprochéieren wann's du sie net stemmst.

**Et gett also den 10. Juni nemmen é Wé :**

- All deng 24 Stemmen,
- denger Frâ oder Mann hir 24 Stemmen
- denge Kanner hir 24 Stemmen
- an dengen Elteren hir 24 Stemmen

# all des Stemmen nemmen op d'Lescht Nr 9

Wann all des Stemmen net op d'Lescht 9 kommen, ass de Problém vun den enrôlés de force endgülteg begruewen.

Wann den 10. Juni beim Ausziehlen vun de Stemmziedelen, d'Stemmen vun alle Memberen aus onser Sektioun net all op der Lescht 9 stinn, da kenne mir dach wirklech net méi vun onse Kommerodinnen a Kommeroden aus dem Central-Comité verlangen, dass sie nach weider mat Leiw a Séil fir ons streiden !

Denkt do drun !
Denk un d'E'er vun all dénen déi net méi hém komm sinn an déi freizeiteg gestuewe sinn.

**OP DECH KENNT ET UN !**

Net schwarz, net roud, net blo
Des Kéier ass d'Lescht **Nr 9** do.

Jos. Weirich, Nationalprésident

IMP. G. WILLEMS - DUDELANGE